# de pefferkär

## D'Alternativ fir Suessem

### Gemengewalen 2017

## ADR: eng kloer Sprooch!

D'ADR ass d'Partei vun der Rentegerechtegkeet. Mat hirem 3x Nee ass d'ADR d'Partei vum Referendum. D'ADR huet gewisen, datt si denkt, wéi d'Leit am Land och denken.

D'ADR ass nach eng jonk Partei mat grad emol 30 Joer. Vun hire soziale Wuerzelen huet si sech weiderentwéckelt zu enger sozial engagéierter, un de Wäerter vum Land orientéierter Partei. D'ADR verdeedegt d'Demokratie an d'Rechter vum Eenzelen. Dorfir wëlle mir och eisen Asaz an der Gemengepolitik verstäerken.

Mir bezéie kloer Positiounen, an eis Haapttheme bleiwen an der Gemengepolitik atuell:

- Lëtzebuerger Sprooch a Kultur
- Integratioun
- Schoul, Familljen- a Sozialpolitik
- Antriede fir d'Privatsphär an d'Meenungsfräiheet, mee och fir d'Sécherheet
- eng humanistesch a rechtlech Approche zur Flüchtlingspolitik
- Hannerfroe vun den EU-Exzesser an d'Betoune vum Wäert vum Nationalstaat
- fräi Maartwirtschaft a keng Verwaltungswaasserkäpp

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. De Staat soll sech, no dem Subsidiaritéitsprinzip, just ëm déi Aufgabe këmmeren, déi net besser vun der Gemeng ze erleedege sinn.

## Schluss mam Parkplazproblem zu Suessem!

D'Parksituatioun an der Gemeng ass net einfach a si gëtt an Zukunft net besser.

Dofir sti mir fir de generaliséierte Parking résidentiel an alle Wunnzonen. Op de Gemengen-Parkplazen, déi net fir P&R geduecht sinn, ass d'Parkdauer tëscht 7 Auer moies bis 18 Auer owes op 4 Stonne limitéiert, fir ze verhënneren, datt Pendler hir Autoen dohistellen.

Mir wäerten mam Staat kucken, fir bei der Gare genuch P&R-Plazen ze schafen.

Mir wëllen dann och dofir suergen, datt de Parking résidentiel an der Gemeng eenheetlech gereegelt ass. Zwou gratis Vignettë pro Famill sollen den Awunner onbegrenzt Parkrecht an hirem Quartier an zousätzlech mindestens 2 fräi Parkstonnen um iwwregen Terrain vun der Gemeng ginn.

D'ADR wäert sech weider nach dorëm këmmeren, datt Betribscamionetten net méi an de Wunnquartiere parken. Mir suergen dofir, datt d'Verkéiersreglement vun der Gemeng e Parkverbuet fir Betribscamionetten an de Wunnquartiere virgesäit. Dëst Verbuet wäert dann och musse strikt agehale ginn, sou datt Betribscamionetten nëmmen nach däerfen op Parkingen ofgestallt ginn, déi speziell dofir virgesi sinn.

**Et ass der Gemeng hir Aufgab, hiren Awunner eng Léisung fir de Parkplazproblem ze bidden.**

## Inhaltsverzeechnes


ADR: eng kloer Sprooch!
Schluss mam Parkplazproblem zu Suessem!
***Säit 1***

Sportlech, gesondheetlech a kulturell Engagementer
D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur op éischt Plaz!
***Säit 2***

Eng behënnerten- a senioregerecht Gemeng
6 Prioritéite fir Är Gemeng
Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet
***Säit 3***

Konkret Hëllef fir Famillje mat Kanner
Member-Formulär
***Säit 4***

Ëffentlech Toilettë fir de Véier- an den Zweebeener
Hëllef beim Zuch- a Busabonnement
***Säit 5***

Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz, awer och mat Verstand!
Kompetent, gerecht politesch Gouvernance, w.e.g.!
***Säit 6***

Ëmwelt a Liewensqualitéit sinn eis wichteg!
Tourismus an der Gemeng läit eis um Häerz
***Säit 7***

Eis Kandidate fir Är Gemeng
***Säit 8***


**Walprogramm (Lëtzebuergesch)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

**Wahlprogramm (Deutsch)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

**Programme électoral (Français)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

**Election program (English)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

**Programa eleitoral (Português)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

# Sportlech, gesondheetlech a kulturell Engagementer

D'ADR an der Gemeng setzt sech an am Beräich ...

**... Sport:**

Am Aklang mat de reelle Bedierfnesser vun de Clibb setzt sech d'ADR voll a ganz fir d'Ënnerstëtzung vu lokale Sportsveräiner an. Mir sinn der Meenung, datt een iwwert den Engagement vun de Sportsclibb integrativ d'Kanner- an d'Jugendbetreiung ënnerstëtze kann. Sportprogrammer sollen zudeem fir de breede Publikum ugeluecht ginn. Dobäi sollen och sportlech Aktivitéiten ugebuede ginn, un deene Bierger aus allen Altersklasse deelhuele kënnen. D'ADR an Ärer Gemeng wäert:

- déi lokal Sportsveräiner finanziell ënnerstëtzen an hinnen déi néideg Infrastruktur zur Verfügung stellen.
- Sport och am drëtten Alter mat adaptéierte Méiglechkeete förderen an ënnerstëtzen.
- eng global Versécherung ofschléisse fir Fräizäitaktivitéiten, déi d'Gemeng ubitt.
- Sportinstallatiounen fir de breede Publikum an de Parken opstellen.

**De breede Publikum an all Altersklass soll kënne sportlech aktiv sinn.**

**Den Zougang zur Kultur mécht de Mënsch zougänglech fir d'Gesellschaft.**

**... Kultur:**

D'Förderung vun engem spannenden a faarwege Kulturliewen ass eng vun der Gemeng hiren zentralen Aufgaben. D'ADR an Ärer Gemeng wäert:

- lokal Kulturveräiner a Kulturhaiser beim Erschafe vun engem variéierte Kulturprogramm materiell a finanziell ënnerstëtzen.
- systematesch ëffentlech «Bicherschief» an de Quartieren an all Uertschaft vun der Gemeng opstellen.
- kulturell Veranstaltungen (Concerten/Theater) an der Gemeng organiséieren/ënnerstëtzen, an dobäi den Akzent op d'Lëtzebuerger Kultur leeën.
- d'Lëtzebuerger Kultur fleegen an un auslännesch Matbierger vermëttelen, fir d'Integratioun ze förderen.

**... Gesondheet:**

D'ADR an Ärer Gemeng wäert am Beräich vun der Gesondheet:

- Konzepter erschaffen, déi d'Versuergung um medezineschen Niveau verbesseren.
- déi medezinesch a medikamentéis Versuergung an Noutfäll, nuets an de Weekend méi efficace gestalten an domat verhënneren, datt de Bierger wäit Weeër muss zréckleeën, fir déi néideg Versuergung ze kréien.

# D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur op éischt Plaz!

D'ADR ass déi Partei, déi sech wéi keng aner an ouni Kompromesser fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir setzen eis dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch net nëmmen op nationalem, mee och op kommunalem Niveau zu hirem Recht kënnt.

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch un éischter Plaz steet:

- an de Gemengepublikatiounen
- a Bréiwer, Dokumenter an Informatiounen
- um Internet-Site vun der Gemeng
- an der Äntwert op een - op Lëtzebuergesch formuléierte - Bréif
- op Stroosseschëlder
- als Integratiounshëllef mat gratis Sproochecoursen (eventuell mat enger Aschreiftax, déi bei Präsenz an de Coursen zréckbezuelt gëtt). Déi Coursen sollen och ausserhalb vun übleche Schaffzäiten ugebuede ginn.

D'ADR huet kee Problem domadder, wann d'Awunner vu Lëtzebuerg zousätzlech nach an anere Sproochen informéiert ginn. Allerdéngs hale mir dorop, datt Lëtzebuergesch déi éischt Sprooch ass.

**Wat gelift? Ëntschëllegt, mee en Internet-Site deen zur Gemeng gehéiert, muss op Lëtzebuergesch kënne gelies ginn! Dat ass ëmmer nach d'Landessprooch!**

# Eng behënnerten- a senioregerecht Gemeng

D'UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung gouf 2011 vu Lëtzebuerg ratifizéiert. Och wann hei punktuell scho munches ëmgesat gouf, sou feelt nach ëmmer villes. Ëmmer nach stoussen déi betraffe Leit op schwiereg Situatiounen, déi hinnen et net erlaben, u gesellschaftlechen Uläss deelzehuelen oder sech fräi an der Gemeng ze beweegen, ouni op äusserlech Aschränkungen ze stoussen.

D'ADR setzt sech dofir an, datt am Laf vun der kommender Legislaturperiod endlech déi ganz Gemengeninfrastruktur behënnerten- a senioregerecht gemaach gëtt.

Dëst betrëfft esouwuel den Accès, wéi och d'Beweegen ënnerhalb:

- administrativen a kulturelle Gebaier
- Gebaier vu Bildungs- a Betreiungsstrukturen
- Gebaier vum Gesondheetssystem a vu Fleegestrukturen
- Kierchen a Kierfechter
- Sport- a Fräizäitanlagen
- Sanitär-Anlagen
- Verkéiersstrukturen (z.B.: Busarrêten, Foussgängerluuchten, Stroosseniwwergäng, asw.)

Dorfir muss en Inventar opgestallt ginn, an deem fir all ëffentlech Gemenegeninfrastruktur festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Am Gemengebudget muss dann och all Joer e Programm a Kreditter festgehale ginn, fir dës spezifesch Infrastruktur ze verbesseren.

Desweideren wäerte mir och d'Baureglement esou änneren, datt nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler direkt no de behënnerten- a senioregerechte Kritäre musse gebaut ginn.

D'ADR wäert dofir suergen, datt eng integral behënnerten- a seniorefrëndlech Upassung vun alle Gemengeninfrastrukturen net just a Sonndesriede versprach gëtt, mee och an d'Realitéit ëmgesat gëtt.

## 6 Prioritéite fir Är Gemeng

1. **Bezuelbaart Wunnen: D'ADR huet konkret Solutioune fir d'Gemeng!**
2. **Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen: Eis Gemenge brauche méi Police, eis Bierger brauche Kommissariater, do, wou si wunnen.**
3. **Mobilitéit ouni Dirigismus: D'Gemeng organiséiert de Matenee vun Auto, Foussgänger a Vëlo. Si mécht net de Choix vum Verkéiersmëttel.**
4. **Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen: Mir brauchen Uertschaften, wou Kanner sech kënne wuelfillen an entfalen.**
5. **D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun: Un der Gemeng ass et, eis Sprooch ze verbreeden.**
6. **Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand: D'Gemeng muss an dëser Fro matschwätzen an d'Decisiounen däerfen net iwwer d'Käpp vun de Bierger ewech geholl ginn.**

**Beim Kierfecht zu Bieles an zu Suessem sinn ëffentlech Toiletten, déi e Rollstullfuerer net notze kann. Beim Kultur- a Geschichtshaus "A Gadder" feele Parkplaze fir Leit mat Behënnerung, a bei der Gemeng zu Bieles, kann de Lift net méi benotzt ginn. An dat si just e puer Beispiller, déi weisen, wéi vill nach ze amenagéieren ass.**

# Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet

Well Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet zu enger gudder Liewensqualitéit bäidroen, muss d'Gemeng mat Verantwortung droen, géigeniwwer deene Matbierger am héijen Alter an deene mat Krankheet oder Behënnerung. Zesumme mat spezialiséierten Associatiounen an Hëllefsdéngschter soll d'Gemeng dozou bäidroen, datt déi betraffe Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Gemengeliewen ausgeschloss ginn.

Fir dëser Verantwortung gerecht ze ginn, suergt d'ADR dofir, datt d'Gemeng:

- intergenerationell Projeten ausschafft a férdert
- e qualitativ héichwäertegen an ëmweltfrëndleche Service "Iessen op Rieder" ubitt
- e flexiblen Transport fir déi Betraffen ubitt, fir um alldeegleche Liewen deelzehuelen
- Komfort- a Gesondheetsdéngschter am Duerf- oder Quartierszentrum huet (Epicerie, Bäckerei, Zeitungsbuttek, Bancomat, Apdikt, Dokterpraxis)
- kommunal Gebailechkeete fir esou Déngschter iwwer de Wee vum symbolesche Loyer zur Verfügung stellt

**Fir Boergeld ze kréien, ass een haut op d'Bancomaten ugewisen. Et kann also net sinn, datt Suessem an Éilereng keen eenzegen Automat hunn a Bieles huet der souguer zwee op net emol 100 m hannerteneen. Schliisslech kann net jidderee sech einfach an den Auto setzen, fir an dat nächst Duerf ze fueren.**

# Konkret Hëllef fir Famillje mat Kanner

**D'Eltere mussen hir Kanner a gudden Hänn wëssen, ouni Suergen ëm Qualitéit, Férderung an Entfalung.**

D'Kanner sinn d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Eng optimal Betreiung an Erzéiung, déi och deenen neie Liewensgewunnechte gerecht gëtt, huet fir d'ADR absolut Prioritéit. D'ADR wëllt den Elteren de Choix loossen, hir Kanner selwer ze erzéien oder qualitativ héichwäerteg Strukturen ze gebrauchen. Wichteg sinn eis dobäi besonnesch och d'Problemer vun elengerzéienden Elteren.

An deem Kontext stelle sech och op kommunalem Niveau eng ganz Rei wichteg Erausfuerderungen, déi d'ADR bereet ass an eiser Gemeng unzepaken, andeems mir:

- eis asetze fir qualitativ héichwäerteg Crèchen a genuch Plazen an de Gemengecrèchen.
- en oppenen Dialog féieren tëscht den Elteren, der Gemeng an de Betreiungsstrukturen (Crèche, Schoul, Jugendhaus, asw.), fir Defiziter méiglechst séier ze erkennen a mat Verbesserungen entgéintwierken ze kënnen.
- eis asetzen, fir méi Maison Relaisen zu familljefrëndlechen Auerzäiten a mat Zougang op eng Bibliothéik, en Turnsall a Computere fir d'Kanner.
- d'Intresse vun de Kanner u kommunale Veräinsstrukturen (Museks- an Theaterveräiner, Sportsveräiner, asw.) férderen a si fréistméiglech an d'Veräinsliewen abezéien (z.B. duerch Schnupperformatiounen).
- d'Jugend beroden, hinne Méiglechkeete fir Fräizäitaktivitéite bidden an hinnen hëllefen, sech op d'Aarbechtswelt virzebereeden (mat engem qualitative Konzept fir Projeten zur berufflecher Orientéierung).
- d'Aarmut biergerno an onbürokratesch bekämpfen an d'Prozedure fir d'Ufroe vun Hëllef vereinfachen.
- e familljen- a kannerfrëndleche Kader schafen, mat propperen an intakte Spillplazen, ëffentleche Wéckeldëscher, asw.

## Matschaffen! Froen? Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen? Oder géingt Dir gär aktiv bei eis matschaffen? Dann zéckt net a rufft einfach un, ënnert der Nummer:

**+352 26 20 37 06**

---------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken ----------

**Gitt Member an der ADR, a frot och Är Famill a Frënn, fir Member ze ginn.**

De Joresbäitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

E-Mail: .....

**de pefferkär**

**Oplag: 6.700**
**Verantwortlech fir dëse *pefferkär* vun der Gemeng Suessem ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei**
**22, rue de l'Eau**
**L-1449 Lëtzebuerg**

**www.adr.lu**

# Ëffentlech Toilettë fir de Véier- an den Zweebeener

Fir eng Gemeng propper ze halen, ass net ëmmer einfach. Heiansdo ass et den néidege Wëlle vun de Leit, dee feelt, mee ëfters sinn et awer och d'Ëmstänn, déi et de Leit erschwéieren, dee Wëllen ëmzesetzen. Dozou gehéiert z.B. d'Feele vun Hondsdreck-Tuten, déi d'Gemeng ëffentlech zur Verfügung stelle sollt, sou wéi och Toilettë fir eis véierbeeneg Frënn. Ëmmer nees gesäit een Hondsdreck um Trëttoire leien, op Fouss- oder Vëlosweeër, a private Virgäert an op Spillplazen.

Leit, déi mat hirem Hond an der Gemeng spadséiere ginn - fir datt dee sech propper maache kann - si verflicht den Dreck vun hirem Hond och ewechzemaachen. Dat ass wuel richteg, allerdéngs soll d'Gemeng hei och déi néideg Moyenen ëffentlech zur Verfügung stellen, datt d'Leit sech ausnamslos un dës Reegel hale kënnen. Hei kéinten Hondsdreck-Tuten an eng Hondstoilette scho fir déi Leit eng Hëllef sinn, deenen et net u Wëlle feelt, mee un Ëmsetzungsméiglechkeeten. Dowéinst wäerte mir duerfir suergen, datt all Uertschaft an der Gemeng Suessem wéinstens eng Hondstoilette kritt.

A wa mir dat scho fir de Véierbeener maachen, wëlle mir den Zweebeener natierlech net vernoléissegen, a géifen och deen an all Uertschaft vun dëser Gemeng mat nach wéinstens enger zousätzlecher ëffentlecher Toilette versuergen.

**D'Gemeng mat ëffentlechen Toilettë propper halen.**

## Hëllef beim Zuch- a Busabonnement

Als ADR fuerdere mir, datt den ëffentlechen Transport gratis gëtt. Esou laang dat awer net de Fall ass, soll séchergestallt sinn, datt och déi Leit, déi finanziell e schwéiere Stand hunn, sech den ëffentlechen Transport ouni Bedenken, gréissert Abéissen oder onnéidegen Ausgabe leeschte kënnen.

Fir déi betraffe Leit ass e Joresabonnement vu 440 Euro – dat an enger Kéier bezuelt gi muss – eng deier Investitioun. Dofir wäert all Gemeng, wou d'ADR en Entscheedungsrecht huet, dat Abonnement finanzéieren hëllefen, z.B. iwwer eng Avance, déi am Laf vum Joer kamoud op de Mount kann zréckbezuelt ginn. Esou musse sie déi beträchtlech Zomm net ënnerhalb engem Mount abéissen a si spueren 160 Euro d'Joer géigeniwwer dem Abonnement op de Mount.

**E Joresabonnement däerf kee Privileg sinn.**

adr
Alternativ Demokratesch Reformpartei

D'Alternativ fir Är Gemeng!

www.adr.lu

# Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz, awer och mat Verstand!

Bei der Flüchtlingspolitik ass d'ADR fir human Léisungen, ënner Berécksiichtegung vun deene relevanten internationale Konventiounen. Mir sinn net averstane mat der Flüchtlingspolitik vun der EU a Regierung. Europa kann net jiddereen ophuelen a Lëtzebuerg scho guer net. Dowéinst wëllt d'ADR deene Leit Hëllef bidden, déi d'Hëllef wierklech brauchen. D'ADR ass géint e Quotesystem fir d'Migranten op d'Gemengen ze verdeelen. Mir bestinn op de Prinzip vum fräie Wëllen, geknäppt u bestëmmte Konditiounen.

**Fir d'Opnam an der Gemeng gëllt:**

- Net de Stat eleng decidéiert, mee och déi eenzel Gemeng an hir Bierger entscheede mat iwwer d'Opnam vu Flüchtlingen.
- Hëlt eng Gemeng fräiwëlleg Flüchtlingen op, kréie si Ënnerstëtzung vum Staat.
- Fir Flüchtlingen opzehuelen, muss d'Gemeng e volontaristeschen Integratiounsplang hunn.
- Mat der Flüchtlingsopnam duerf et net zu Parallelgesellschafte kommen.

**Fir d'Integratioun vun de Flüchtlingen, déi bleiwen däerfen, gëllt:**

- D'Gemeng huet eng aktiv Roll am Dialog tëscht de Flüchtlingen an de Bierger a Veräiner.
- En Integratiounsplang muss opgestallt ginn, fir d'Leit, déi bleiwen däerfen, Lëtzebuergesch ze léieren a si optimal ze integréieren.
- D'Kanner sollen an d'Aktivitéite vu kommunale Betreiungsstrukturen agebonne ginn.
- Kanner am Grondschoulalter, sollen an der kommunaler Grondschoul opgeholl ginn, ënnert der strikter Bedéngung, datt de Schoulministère zousätzlech Ressourcen (besonnesch Personal a Material) dofir bereet stellt.

**Ob Flüchtlingen an d'Gemeng kommen, däerf de Staat net eleng decidéieren!**

**Fir d'Wunnengsfro gëllt:**

- Sougenannte Containerdierfer brauchen den Accord vun der Gemeng.
- De Staat soll net just iwwer d'Prozedur vum POS (plan d'occupation des sols) verfueren.
- Et gi kloer Prozedure fir ALL Leit, déi eng Wunneng brauchen a sichen, ouni Privilegéierung oder Diskriminéierung vun engen oder aneren.

# Kompetent, gerecht politesch Gouvernance, w.e.g.!

D'ADR steet fir eng staark Gemengenautonomie. All Themen, déi op kommunalem Niveau kënne behandelt ginn, sollen och an der Verantwortung vun der Gemeng bleiwen. Mir maachen eis staark fir eng selbstbestëmmt an eegenverantwortlech Gemeng. Fir datt d'Gemengepolitiker an deem Sënn hirer wichteger Aufgab voll a ganz gerecht kënne ginn, wëll d'ADR déi folgend Punkten an Ärer Gemeng ëmsetzen:

- Eng systematesch Ënnerstëtzung vun de Gemengen- a Schäfferéit duerch d'Deelhuelen u Formatiounen a Weiderbildungen.

D'ADR an Ärer Gemeng setzt sech desweidere fir eng verantwortungsvoll an nohalteg Finanzpolitik an.

- D'Erhéije vun den Taxen oder Gemengesteiere gëtt, wann ëmmer méiglech verhënnert.
- Wann iergend méiglech gëtt d'Léine vu Sue verhënnert.

D'Léine vu Sue bleift d'Ausnam an däerf nëmmen dann ugewannt ginn, wann et sech op konkret a sënnvoll Investitioune bezitt.

- Investitioune sinn nëmmen da sënnvoll, wa méiglechst vill Bierger dovu profitéiere kënnen (natierlech ouni dobäi déi Leit mat spezielle Bedierfnesser ze vergiessen).
- D'Korruptioun op kommunalem Niveau gëtt net toleréiert a muss ënnerbonne ginn.

D'ADR an Ärer Gemeng suergt dofir, datt d'Entwécklungshëllef prioritär eng staatlech Aufgab bleift.

- Wëllen d'Gemengen eege Programmer fir Entwécklungshëllef opstellen, sollen dës mam Staat koordinéiert ginn, fir duebel Aarbecht an Inkohärenzen ze verhënneren.

D'ADR respektéiert de Biergerwëllen a mécht sech staark fir méi Biergerbedeelegung an Ärer Gemeng.

- Bei wichtege kommunale Froe soll de Bierger matschwätzen däerfen.
- Et soll an deem Sënn kënnen e Referendum op kommunalem Niveau ofgehale ginn.

**Eng gutt geréiert Gemeng hält hir ëffentlech Infrastruktur an der Rei a fléckt oder erneiert déi Saachen, déi futti sinn ënnerhalb kierzter Zäit.**

# Ëmwelt a Liewensqualitéit sinn eis wichteg!

**D'Ëmweltbelaaschtung duerch d'Industriezon muss am A behale ginn!**

Der ADR läit d'Ëmwelt um Häerz. Mee d'Problemer mat deem onerhéierte Wuesstem, dee Lëtzebuerg iwwer d'Joerzéngte kennt, verlaangen no Léisungen.

Gemenge kënnen iwwerméissegen Offall, Waasser- an Energiekonsum richteg deier maachen. Si kënne Bauvirschrëfte maachen, fir datt energiebewosst gebaut gëtt. Si kënne Gréngzonen definéieren a Land vum Wunnengsbau verschounen. Si kënnen dem Bierger hëllefen, säin Dreck ze triéieren a richteg ze entsuergen. Symbolesch an ouni vill Fraisen kann d'Gemeng och engem Klimabond bäitrieden.

Eng Gemeng muss awer ëmmer am Déngscht vum Bierger schaffen. Si ass do fir dem Bierger ze hëllefen an net, fir hien ze schickanéieren. Si ass och net do, fir hien ze erzéien. De Bierger soll ëmmer de Choix hunn! "Intelligent Compteuren" hëllefen dem Bierger, fir säi Stroumverbrauch ze verstoen. D'Gemeng an de Staat hunn awer kee Recht, op Grond vun dësen Donnéeen dem Bierger seng Gewunnechten auszespionéieren.

D'Liewensqualitéit an de Wunnquartiere heescht: Kee wëlle Parking, keen Nuetskaméidi, keng ëffentlech Feieren do, wou se d'Nuetsrou stéieren, asw.

Gemengegbaier sinn ideal fir effikass Solaranlagen opzestellen: All Bierger ka sech finanziell doru bedeelegen an dovu profitéieren. Och Kogeneratiounsanlagen maache Sënn.

Dofir wäert d'ADR déi folgend Reegelen an Ärer Gemeng duerchsetzen:

- Gemengeservicer op iwwerméissege Ressourcëkonsum (Verbëtzen duerch Waasserleitungen, asw.) an ëmweltschounend Praktike préiwen (Botz a Planzeschutzmëttel, Käercher, Blos- a Suckelapparater fir d'Strooss propper ze halen, asw.).
- Infrastrukturen ewéi Kanäl, Leitungen a Kläranlage plangen mam Wuesstem am Hannerkapp.
- Ëmwelt- an Energienormen däerfen dem Bierger net de Choix huelen oder him Nodeeler bréngen.
- 30 Fudder Waasser gratis op de Kapp an duerno eng progressiv gestaffelt Tax.
- Wann eng Gemeng net laanscht d'Erweiderung vum Bauperimeter kënnt, muss dat esou ëmweltschounend wéi méiglech (keng wäertvoll Gréngzonen) an am Respekt vum Uertscharakter (keng laanggezunne Stroossendierfer) geschéien.
- D'Beanträchtegung vun der Liewensqualitéit duerch iwwerméissege Kaméidi kontrolléieren an aschränken.
- Eng Gemeng brauch net just schéi Parken a Plaze mat Beem a Blummen am Bëtong: Si brauch och Gaardekolonien a Gemeinschaftsgäert a Wisen, wou d'Leit kënne mat hire Kanner spille, Sport dreiwen, asw.
- De Bierger hire Wënsch (Sondage) bei der Wunndensitéit (Haiser fir méi Familljen) an Awunnerzuel soll no Informatiounsversammlungen bei der Gemengeplannung Rechnung gedroe ginn.

# Tourismus an der Gemeng läit eis um Häerz

Fir vill Gemenge spillt den Tourismus eng wichteg Roll. Dofir dréit nieft dem Stat och d'Gemeng an eisen Aen mat Verantwortung an dësem Beräich.

D'ADR wäert:

- regional an interkommunal Vëlospisten a Foussweeër
  - ausbauen an ënnerhalen
  - iwwersiichtlech a korrekt beschëlderen.
- ëm den Tourismus beméite lokal a regional Syndikater an Tourismusbüroen ënnerstëtzen, fir touristeschen Hebergementer an Aktivitéiten an der Gemeng ze hëllefen.
- duerch Moossnamen iwwer d'Gemengereglement verhënneren, datt nei Forme fir Touristen opzehuelen (wou z.B. privat Leit hir Zëmmeren zur Verfügung stellen), deenen an der Gemeng etabléierten Hotellen deloyal Konkurrenz maachen.
- d'Konzept vu der Vakanz um Bauerenhaff ënnerstëtzen.
- historesch Bausubstanzen erhalen.

**De lokale Charme vun der Gemeng soll och fir Touristen attraktiv bleiwen.**

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# D'Alternativ fir Suessem

**Nickels Paul**
**67 Joer, Suessem**
**Pensionéiert**

**Bley Anne**
**72 Joer, Suessem**
**Hausfra**

**Dalscheid Patrice**
**57 Joer, Bieles**
**Pensionéiert**

**Ernst Marc**
**42 Joer, Bieles**
**Gemengenaarbechter**

**Gamaliel Samson**
**55 Joer, Zolwer**
**Economist**

**Jung Fernande**
**55 Joer, Bieles**
**Hausfra**

**Kohl Suzanne**
**25 Joer, Bieles**
**Droit-Studentin**

**Martins Rodrigues**
**José Manuel**
**38 Joer, Suessem**
**Handwierker**

**Mazzone Domenico**
**56 Joer, Zolwer**
**Fräiberuffler**

**Mulic-Durovic Edita**
**37 Joer, Bieles**
**Salariée**

**Nickels Nathalie**
**41 Joer, Suessem**
**Educatrice**

**Pedro da Trindade**
**Sonia Patricia**
**33 Joer, Suessem**
**Salariée**

**Ricacho Sousa**
**Maria Nathalie**
**48 Joer, Bieles**
**Salariée**

**Schmitt Charles**
**73 Joer, Zolwer**
**Pensionéiert**

**Soares Verdete David**
**24 Joer, Bieles**
**Verkafsberoder**

**Stors Marcel**
**65 Joer, Bieles**
**Pensionéiert**

**Wagner Nico**
**68 Joer, Suessem**
**Pensionéiert**

## D'Alternativ fir Är Gemeng!